N°5756
Reçue le 11.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 11.02.2022

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Februar 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister, den Här Ekonomieminister an den Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Vum 15. Januar bis den 11. Februar war zu Lëtzebuerg no de Modalitéite vum 3G de COVID-Check op der Aarbechtsplaz virgeschriwwen. Salariéeën a Beamten, déi dës Prozedur verweigert hunn, kruten iwwert den entspriechenden Zäitraum keng Paie ausbezuelt.

An deem Sënn géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill privat Salariéeën op där enger Säit, souwéi Beamten an ëffentlech Employéeen a Salariéeën vum Staat an de Gemenge op där anerer Säit, vun där uewe beschriwwener Prozedur Gebrauch gemaach hunn?
2) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Aarbechtsstonnen doduerch an der Privatwirtschaft sou wéi dem Staat an de Gemengen ausgefall sinn a wéi de cumuléierte Montant vun de Verdéngschtausfall fir déi dräi genannte Secteuren sech jeeweils presentéiert?
3) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi sech d'Zuel vun de Krankeschäiner an de Joren 2010-2022, wärend der Zäit vum 15. Januar bis den 11. Februar an der Privatwirtschaft, beim Staat an de Gemenge presentéiert huet? Kann d'Regierung preziséieren wéi vill Aarbechtsstonn dëst pro Joer pro Secteur entsprach huet? Kann d'Regierung déi duerchschnëttlech Dauer vun de Krankeschäiner pro Joer a Secteur preziséieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

N°5756
Reçue le 30.03.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, vum Här Minister fir d'sozial Sécherheet, Claude Haagen, a vum Här Minister fir d'Fonction publique, Marc Hansen, op d'parlamentaresch Fro n°5756 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen zum Sujet "Absentéisme dû au Covid Check dans la fonction publique"

D'Regierung huet keng Donnéeën iwwer Salariéeën aus dem Privatsecteur an Agenten aus dem ëffentlechen Déngscht, déi sech geweigert hunn, fir d'Reegele vum 3G Regime op der Aarbechtsplaz ze respektéieren.

Déi folgend Donnéeë bezéie sech op d'Krankmeldunge vu Salariéeën aus dem Privatsecteur an Independanten. D'Regierung huet keng zentraliséiert Informatioun iwwer d'Feele vu Staatsbeamten, Employéen an Aarbechter aus dem ëffentlechen Déngscht, Gemengebeamten an Employéen, souwéi Agente vun der Eisebunn (SNCFL).

D'Krankmeldungen, déi tëscht dem 15. Januar an dem 11. Februar 2022 ugefaangen hunn, representéiere fir dësen Intervall e Volume vun 3,1 Millioune Stonnen, wat eng Erhéijung vu +103% am Verglach zu därselwechter Period vum Joer virdrun ass. Ausser dem Secteur vun der "Industrie extractive" sinn all d'Secteure vun dëser Erhéijung betraff. De stäerkste Wuesstem vun den Absencë gouf am HORECA Secteur festgestallt (+199%) (Tabell n°1).

Iwwer déi selwecht Period ass d'Zuel vun den Absencëstonne pro Persoun am Joer 2022 op 39 geklommen, eng Erhéijung vu +20% par rapport zum Joer virdrun. Nieft dem Secteur vun der "Industrie extractive" (-12%), dem HORECA Secteur (-1%) an dem Secteur "Net bestëmmt" (-15%) sinn all d'Secteure vun dëser Erhéijung betraff. Déi stäerksten Erhéijung gouf am Secteur vun den extraterritorialen Aktivitéiten (+81%), an an deem vun den Haushaltsaktivitéiten als Patron (+76%) (Tabell 2) observéiert.

D'Variatiounen, déi tëscht 2021 an 2022 observéiert ginn (iwwer d'Period vum 15. Januar bis den 11. Februar) sinn haaptsächlech duerch den héijen Ustiechungsgrad vun der Omicron Variant ze erklären a kënne selbstverständlech net mat engem méiglechen Effekt vun der Aféierung vum 3G Regime assimiléiert ginn. deen theoretesch enger verstäerkter Unzuel u Krankmeldunge vun ongeimpfte Persounen (oder Persoune mat engem onkompletten Impfschema) géif gläich kommen déi sech net ouni en negativen Test op der Aarbecht presentéiere konnten.

Fir sou en Effekt ervirzehiewen, wier et also néideg, d'Evolutioun vun den Absencë vun ongeimpfte Persounen (Zilgrupp) mat den Absencë vu geimpfte Persounen (Kontrollgrupp) ze vergläichen. Wann dësen Effekt bewise wier, da sollt et, bei soss selwechte Viraussetzungen, zu enger Erhéijung vum Ecart tëscht den Absencë bei ongeimpfte Persounen an den Absencë bei geimpfte Persounen ab der Woch vum 10. Januar (Figur 1) kommen.

Figur n°1 Theoreteschen Effekt vun der Aféierung vum 3G Regime op den Ecart tëscht dem Undeel vun den Absencë bei de geimpften an ongeimpfte Persounen



Déi observéiert Donnéeë weisen effektiv, ab der Woch vum 10. Januar, eng Erhéijung vum Ecart tëscht den Absencë bei den ongeimpfte Persounen an den Absencë bei de geimpfte Persounen (Figur 2).

Figur n°2 Undeel vun Absencë wéinst Krankheet ënnert de geimpften an ongeimpfte Persounen, no der Woch vum Ufank vun der Absence



D'Tatsaach, datt den Ecart tëscht den Absencë vun ongeimpfte Persounen den Absencë vu geimpfte Persoune scho virun der Woch vum 10. Januar eropgeet, kéint bedeiten, datt et op d'mannst deelweis un engem Impakt vun der Omicron Well läit (déi Enn Dezember 2021 ugefaangen huet an hire Pic am Ufank vun der Woch vum 24. Januar hat) an déi proportional méi staark fir de Grupp vun den ongeimpfte Persounen ass wéi fir de Grupp vun de geimpfte Persounen.

En direkten Impakt vum 3G Regime op d'Krankmeldunge kann ee wéinst dem gläichzäitegen Afloss vun der Omicron Variant definitiv ausschléissen.

Tabell n°1: Unzuel vun den Absencestonne fir Krankheetsfäll tëscht dem 15. Januar an dem 11. Februar vum betraffene Joer - Salariéen aus dem Privatsecteur an Independanten

	2010	2011	2012	2013	2014	2015	2016	2017	2018
A - Agriculture, sylviculture et pêche	6.427	6.272	8.420	8.186	8.102	8.414	8.464	10.429	12.038
B - Industries extractives	1.546	1.293	1.430	1.630	1.010	1.121	1.224	1.166	1.330
C - Industrie manufacturière	127.005	138.982	131.618	153.848	119.880	143.049	127.047	153.009	163.292
D - Production et distribution d'électricité, de gaz, de vapeur et d'air conditionné	4.376	5.877	4.268	5.931	4.596	6.920	6.233	6.869	8.574
E - Production et distribution d'eau, assainissement, gestion des déchets et dépollution	5.607	6.116	5.495	5.659	5.730	7.025	6.611	6.818	7.566
F - Construction	163.022	179.491	177.704	201.690	168.961	200.616	177.899	210.827	243.131
G - Commerce, réparation d'automobiles et de motocycles	146.717	158.529	149.770	189.800	154.866	175.223	162.620	183.081	201.800
H - Transports et entreposage	83.418	88.868	89.333	97.504	80.630	89.283	80.567	100.303	111.098
I - Hébergement et restauration	45.886	54.519	54.852	68.889	59.520	69.785	61.232	73.514	80.378
J - Information et communication	33.431	39.906	37.552	53.308	39.636	54.569	47.363	58.167	65.623
K - Activités financières et d'assurance	143.743	165.191	144.196	178.312	144.605	176.338	145.897	178.571	189.265
L - Activités immobilières	11.152	13.989	11.416	15.091	13.705	13.741	11.443	8.711	11.094
M - Activités spécialisées, scientifiques et techniques	77.056	94.065	82.536	111.611	90.350	112.380	100.398	123.474	138.284
N - Activités de services administratifs et de soutien	71.892	80.794	82.505	93.713	78.190	93.565	82.973	104.783	121.958
O - Administration publique	46.493	49.512	50.571	56.768	52.905	60.481	56.650	60.671	66.215
P - Enseignement	6.846	10.523	8.334	10.392	9.072	12.120	9.118	13.011	15.953

Q - Santé humaine et action sociale	123.309	140.270	139.925	180.238	146.156	183.969	162.566	201.148	226.381
R - Arts, spectacles et activités récréatives	5.344	5.537	6.013	6.424	5.611	8.197	5.998	7.802	8.121
S - Autres activités de services	18.848	23.654	21.009	24.111	19.687	24.002	21.334	24.508	28.139
T - Activités des ménages en tant qu'employeurs, activités indifférenciées des ménages en tant que producteurs de biens et services pour usage propre	59.496	62.668	27.468	39.592	29.915	37.572	36.800	42.713	52.091
U - Activités extra-territoriales	2.465	2.693	1.689	2.899	1.606	3.296	2.697	3.465	3.445
Z - Non déterminé	10.227	13.164	11.798	16.568	14.506	14.844	16.525	20.051	20.600
TOTAL	1.194.306	1.341.914	1.247.903	1.522.161	1.249.239	1.496.512	1.331.659	1.593.092	1.776.374

Source : IGSS

Tabell n°1 (Fortsetzung): Unzuel vun den Absencestonne fir Krankheetsfäll tëscht dem 15. Januar an dem 11. Februar vum betraffene Joer - Salariéen aus dem Privatsecteur an Independanten

	2019	2020	2021	2022	Progression 2021-2022	Progression annuelle moyenne 2010-2021
A - Agriculture, sylviculture et pêche	8.271	10.848	9.786	14.406	47,2%	3,9%
B - Industries extractives	1.319	1.108	1.715	1.709	-0,4%	0,9%
C - Industrie manufacturière	149.370	147.088	123.043	269.076	118,7%	-0,3%
D - Production et distribution d'électricité, de gaz, de vapeur et d'air conditionné	6.516	7.500	5.372	10.630	97,9%	1,9%
E - Production et distribution d'eau, assainissement, gestion des déchets et dépollution	8.579	8.021	7.327	16.268	122,0%	2,5%
F - Construction	241.020	230.414	250.453	455.970	82,1%	4,0%

G - Commerce, réparation d'automobiles et de motocycles	209.178	209.331	201.022	385.594	91,8%	2,9%
H - Transports et entreposage	117.273	113.299	96.011	193.190	101,2%	1,3%
I - Hébergement et restauration	81.705	84.469	50.994	152.373	198,8%	1,0%
J - Information et communication	65.171	69.913	38.528	83.717	117,3%	1,3%
K - Activités financières et d'assurance	187.860	191.483	92.805	179.596	93,5%	-3,9%
L - Activités immobilières	11.768	11.638	12.509	23.190	85,4%	1,0%
M - Activités spécialisées, scientifiques et techniques	143.508	144.074	97.701	203.873	108,7%	2,2%
N - Activités de services administratifs et de soutien	127.366	131.753	119.907	251.810	110,0%	4,8%
O - Administration publique	71.794	72.257	65.302	100.492	53,9%	3,1%
P - Enseignement	16.769	16.113	12.263	24.814	102,3%	5,4%
Q - Santé humaine et action sociale	228.814	238.133	225.493	442.974	96,4%	5,6%
R - Arts, spectacles et activités récréatives	9.635	10.060	6.969	15.877	127,8%	2,4%
S - Autres activités de services	28.267	28.481	24.389	50.415	106,7%	2,4%
T - Activités des ménages en tant qu'employeurs, activités indifférenciées des ménages en tant que producteurs de biens et services pour usage propre	53.408	51.321	53.009	138.227	160,8%	-1,0%
U - Activités extra-territoriales	3.995	3.321	2.260	6.536	189,2%	-0,8%
Z - Non déterminé	21.204	25.160	31.165	86.266	176,8%	10,7%
TOTAL	1.792.789	1.805.785	1.528.025	3.107.003	103,3%	2,3%

Source : IGSS

Tabell n°2: Unzuel vun den Absencestonne fir Krankheetsfäll pro Persoun tëscht dem 15. Januar an dem 11. Februar vum betraffene Joer - Salariéen aus dem Privatsecteur an Independanten

	2010	2011	2012	2013	2014	2015	2016	2017	2018	2019	2020	2021	2022	Progression 2021-2022	Progression annuelle moyenne 2010-2021
A - Agriculture, sylviculture et pêche	44	34	45	40	40	36	39	43	41	36	39	41	44	8,2%	-0,6%
B - Industries extractives	36	31	38	29	27	29	29	31	37	33	36	45	40	-11,9%	2,1%
C - Industrie manufacturière	33	33	34	34	33	32	33	34	36	32	32	38	43	13,3%	1,3%
D - Production et distribution d'électricité, de gaz, de vapeur et d'air conditionné	24	28	22	24	22	25	26	26	26	22	24	29	33	15,5%	1,7%
E - Production et distribution d'eau, assainissement, gestion des déchets et dépollution	34	33	33	32	35	34	36	35	35	31	34	38	47	23,1%	1,1%
F - Construction	36	36	40	37	37	37	36	39	40	38	35	41	45	9,6%	1,0%
G - Commerce, réparation d'automobiles et de motocycles	30	29	30	30	30	29	29	30	31	30	29	36	39	9,6%	1,6%
H - Transports et entreposage	34	35	36	34	34	33	33	34	35	32	32	38	44	15,0%	1,0%

I - Hébergement et restauration	33	32	35	33	34	34	33	34	34	32	32	41	40	-1,1%	2,0%
J - Information et communication	22	23	22	24	22	23	23	24	25	24	24	29	35	21,2%	2,5%
K - Activités financières et d'assurance	20	22	21	22	20	21	20	22	23	21	22	26	32	24,4%	2,5%
L - Activités immobilières	25	28	26	28	28	25	23	30	29	29	30	36	40	11,8%	3,2%
M - Activités spécialisées, scientifiques et techniques	22	23	23	22	21	22	21	22	23	21	21	27	34	27,3%	2,0%
N - Activités de services administratifs et de soutien	28	28	30	29	28	28	27	29	30	28	28	33	39	20,1%	1,4%
O - Administration publique	35	34	34	32	32	31	32	30	29	30	28	33	36	11,0%	-0,6%
P - Enseignement	19	22	19	19	17	19	19	20	22	21	19	25	31	22,0%	2,5%
Q - Santé humaine et action sociale	25	26	26	26	25	25	25	26	26	25	25	28	37	31,5%	1,3%
R - Arts, spectacles et activités récréatives	27	28	29	27	25	29	26	28	28	28	30	33	38	16,7%	1,7%
S - Autres activités de services	26	28	29	27	27	26	27	28	30	27	27	33	37	13,1%	2,0%

T - Activités des ménages en tant qu'employeurs, activités indifférenciées des ménages en tant que producteurs de biens et services pour usage propre	36	33	15	15	14	14	13	14	16	15	14	16	29	75,7%	-7,0%
U - Activités extra-territoriales	20	23	19	21	15	22	20	18	18	18	17	29	52	80,5%	3,4%
Z - Non déterminé	52	54	55	50	51	43	52	48	47	45	47	57	49	-14,6%	1,0%
TOTAL	28	29	28	28	27	27	27	28	29	27	27	32	39	19,6%	1,3%

Source : IGSS

Lëtzebuerg, de 30/03/2022.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding